# EE WÄITE WEE FIR D'WAASSER


## (EXTRAIT "DE BEEFORTER 62", ABRËLL 2019)

**De gréissten Deel vun der Äerdoberfläch, ronn 71 Prozent, ass mat Waasser bedeckt, an iwwer 97 Prozent dovunner befanne sech als Salzwaasser an de Weltmierer. De Rescht gëtt als Séisswaasser bezeechent an et fënnt een et an den ënnerschiddleche Formen ewéi Wolleken, Reen, Schnéi, Flëss, Baache Séien, Grondwaasser a Gletscher (iwwer zwee Drëttel). Knapp een Drëttel vum Séisswaasser oder manner ewéi ee Prozent vum weltwäite Waasser also ka vun de Mënsche benotzt ginn. Dat sinn nieft den iwwer 600.000 Awunner zu Lëtzebuerg nach weider 7,6 Milliarde Mënschen op der ganzer Welt. Spéitstens zanter den Onwiederen am Juni d'lescht Joer wësse mer, datt et net selbstverständlech ass, datt proppert Drénkwaasser aus dem Krunn leeft wann een deen opdréint.**

Um Gebitt vun der Gemeng Beefort ginn et dräi verschidde Waasserréseauen, déi allerdéngs net matenee verbonne sinn: Grondhaff, Déiljen a Beefort. All Uertschaft huet säin eegene Circuit mat eegene Quellen. De Waasserbasseng vum Grondhaff ass mat zéng Kubikmeter de klengsten an der Gemeng. Des Weidere ass de Grondhaffer Réseau mat der Quellefaassung vum Cloosbierg verbonnen a kéint am extremen Noutfall Waasser vun do kréien. Eigentlech ass d'Quellefaassung vum Grondhaff an engems ee Basseng a vun hei geet d'Drénkwaasser an de Réseau eragelooss a beliwwert de ganze Grondhaff, och den Deel op der anerer Säit vun der Schwaarzer Iernz, deen zu der Gemeng Bäerduerf gehéiert.

Déiljen kritt Waasser aus de Quelle vum Cloosbierg an hei ginn direkt dräi Quellen ugezaapt. Dës Quelle leien net wäit ewech vun de Quelle vum Grondhaff. D'Waasser aus dëser Quellefaassung mat engem Basseng vun zwielef Kubikmeter gëtt an de Basseng an der Montée Hondsbierg weidergeleet, vu wou aus et an der ganzer Uertschaft verdeelt gëtt. E puer Haiser iwwert dem Waasserbasseng um Hondsbierg (300 Kubikmeter grouss) kréien hiert Waasser net vum Cloosbierg mais vun aner Quelle vun Déiljen, déi allerdéngs net der Gemeng Beefort gehéieren. Siwe Quellen huet d'Stad Dikrech am Joer 1924 vun der Gemeng Beefort, Sektioun Déiljen, ofkaf an haut nach ëmmer kréien ee groussen Deel vun den Awunner zu Dikrech Waasser vun Déiljen. Déi Waasserleitung fir op Dikrech leeft nieft der Nationalstrooss 10. Gemeng Beefort keeft also den Dikrecher Waasser of fir et un déi Awunner zu Déiljen ze verdeelen, déi esou héich wunnen, datt déi Cloosbierger Quellen net genuch Waasserdrock opbaue kënnen. Interessant ze wëssen: Eng Leitung geet ënnert der Sauer op der aner Säit eriwwer an hei gëtt de Pölsenhof mam Waasser vum Cloosbierg alimentéiert.

Beefort kritt säi Waasser aus de Quelle beim Schiessentümpel an der Gemeng Waldbëlleg. Dat Waasser leeft ongeféier eng véier Kilometer bis op d'Pompelstatioun Vugelsmillen. Dräi Pompele suergen dofir, datt Waasser an de Waasserbasseng am Kazewee (rue Belair) op der Heed gepompelt gëtt. Dat si siwe Kilometer an eng 200 Meter Héichtenënnerscheed. De 27. Februar 1975 gouf eng Konventioun mat der Gemeng Waldbëlleg ënnerschriwwen, datt d'Gemeng Beefort während 50 Joer Waasser bei hinnen ofkafe kann. Deemols gouf et als zweet Standbeen vun der Waasserversuergung zu Beefort gesinn. Zu där Zäit hat Beefort seng eege Quellen zu Beefort an zwar "an der Huschbaach" a "Schneddesch-




*Dëst ass eng drastesch vereinfacht schematesch Duerstellung vum Waasserréseau an der Gemeng Beefort. D'Distanzen, d'Héichten an d'Proportiounen entspriechen net de Fakten um Terrain.*

bur". D'Analysen haten erginn, datt een ëmmer méi héijen Nitratgehalt am Drénkwaasser virfonnt gouf. An där nämmlechter Era gouf an der Landwirtschaft de Schwéierpunkt op Monokulture (Mais a Raps) geluecht an et koum zu enger Iwwerbelaaschtung duerch Onkrautvernichter. D'Waasser aus dem Méllerdall hat een am Ufank geholl fir et mam Beeforter Waasser ze mëschen mais dat ass mat der Zäit net méi duergaangen. Et koum souwäit, datt een déi Beeforter Quellen huet missen zoumaachen. Dat ass de Grond firwat Beefort hautesdaags ausschliisslech Waasser aus dem Méllerdall kritt.

Am Ausgank vu Beefort Richtung Reisdorf entsteet op der rietser Säit een neie Waasserbasseng mat dräi Cuve vu jeeweils 400 Kubikmeter. Zwou Cuve si fir Beefort bestëmmt an eng fir een interkomunale Projet bei deem eng komplett nei Waasserleitung vum Cloosbierg iwwer Beefort, Reisduerf a Bettenduerf op Dikrech geluecht gëtt. Dës Leitung wäert déi aktuell Leitung laanscht d'N10 ersetzen. Reisduerf a Bettenduerf kéinten dee Moment och ugeschloss ginn.

Beefort gëtt ëmmer méi grouss an esou muss een elo schonns d'Infrastrukture fir déi kommend Joren upassen. Den ursprénglechen Devis vum Projet op der Heed mat zwou Cuve beleeft sech op 2.895.750 Euro an hei war schonns Plaz fir eng drëtt Cuve virgesinn. Fir zum spéideren Zäitpunkt Käschte bei der Installatioun vun der drëtter Cuve ze spuere gouf an der Gemengerotssëtzung vum 19. Februar dëst Joer décidéiert beim Bau vum Gebai déi drëtt Cuve direkt mat ze integréieren. Zousätzleche Käschtepunkt: 339.300 Euro.

Dëse Waasserbasseng ass ee Puzzlestéck an der laangfristeger Planung fir an der Gemeng Beefort ee gemeinsamt, zesummenhängend an onofhängegd Waassernetz ze hunn. Sou wéi fréier wäert een dann erëm een zweet Standbeen bei der Waasserversuergung hunn.

Zur Zäit gëtt um Cloosbierg eng modern Waasseropbereedungsanlag gebaut an de Réibau ass schonns fäerdeg. Den Devis beleeft sech op 719.550 Euro an da kommen nach d'Käschte fir de Kaf vum Terrain bäi. Dës Statioun huet eng UV-Anlag fir d'Bakterien an aner Substanzen aus dem Quellewaasser ze éliminéieren an am Noutfall wier hei och eng Chloréierung méiglech. De Projet Waasseropbereedungsanlag gouf vun der Gemeng Beefort schonns virun e puer Joer op de Wee bruecht a war sougutt ewéi ofgeschloss. Bedéngt duerch d'Onwiederen an de Schued am Anzugsgebitt vun de Quellen d'lescht Joer kruut dëse Projet absolut Prioritéit a gouf vum Waasserwirtschaftsamt iwwerholl. De Projet gëtt lo och vun hinne koordinéiert, finanzéiert an et gëtt gerechent, datt d'Anlag nach dëst Joer fäerdeg gëtt.

Aktuell gëtt Chlor an d'Drénkwaasser fir de Grondhaff an Déiljen zougefügt. Dëst wier net onbedéngt néideg an et ass just eng Sécherheetsmoossnam. D'Chloréierungsanlag braucht Stroum, deen et awer op den zwou Plaze net gëtt. Eng Solaranlag steet iwwert dem Basseng vum Grondhaff a bei der Quell-



*D'Pompelstatioun op der Vugelsmillen.*



*Dräi Pompele garantéieren, datt Beefort mam Waasser aus dem Mëllerdall versuergt gëtt.*

efaassung um Cloosbierg suergt eng Stroumbatterie, datt d'Chloréierungsanlag funktionéiert. D'Batterie gëtt all Woch ersat an nei opgelueden a bei där  Geleeënheet gëtt de Reschtchlorgehalt an den zwee Réseaue gemooss an iwwerwaacht.

An Zukunft sollen de Grondhaff an Déiljen dat mat modernste Mëttelen traitéiert Waasser vun der Opbereedungsstatioun kréien. Anengems ginn nei Leitunge geluecht fir déi al an altersschwaach Eternit-Leitung ze ersetzen. Si ass immens empfindlech op Drockschwankungen an doduercher kënnt et regelméisseg zu Rëss a Fuiten.

Quellen am Dillinger Bierg gi vill Waasser an dowéinst gi se geholl fir iwwert déi nei Waasseropbereedungsanlag den neie Waasserbasseng op der Heed ze speisen. Doduercher wäert Beefort eng gréisser Onofhängegkeet zu de Quellen aus dem Mëllerdall hunn a wier bei enger Katastrof ewéi am leschte Joer ofgeséchert. Et huet net vill gefeelt, dann hätt Beefort fir eng onbestëmmte Zäit kee Waasser gehat. Bei den Iwwerschwemmungen am Mëllerdall huet sech Buedem virun der Aganksdier vun der Pompelstatioun gesammelt an d'Waasser gouf doduercher ëmgeleet. D'Waasser huet manner Drock ausgeübt an esou konnt d'Dier der grousser Belaaschtung standhaalen.

Den neie Basseng op der Heed wäert wéi den aktuelle Basseng, deen 200 Kubikmeter faasst an op enger Héicht vun 410 Meter läit, Hydrophoren hunn. Een Hydrophor ass een Drockverstäerker. Den aktuellen Hydrophor regelt den Drock an de Leitungen op der Heed, an der Eppelduerfstrooss bis bei d'Klaisgen-Kapell. Haiser vun dëser Plaz un a bis d'ënnescht Duerf (ë.a. Härewiss a rue du Château) kréien ebenfalls Waasser aus dësem Basseng.

Um Fléibierg steet ee moderne Basseng vun 250 Kubikmeter, deen 2011 ageweit gouf an op enger Héicht vun 375 Meter läit. Hie kritt Waasser vun der Heed a seng Aufgab ass et Waasser am ënneschten Duerf ze bréngen an den Drock am Duerf ze regelen. Duerch de groussen Héichtenënnerscheed géif de Basseng op der Heed een ze groussen Drock opbauen an doduerch géife bei den Awunner ënnen am Réseau d'Waasserinstallatiounen platzen. Sou gesinn huet Beefort dräi Circuiten. Dëst sinn och e puer Erklärunge firwat et zu Beefort kee Waassertuerm gëtt wéi an de Gemenge ronderëm.

Wéivill Waasser hei zu Beefort verbraucht gëtt a wat mat dem verbrauchte Waasser geschitt, dat gëtt an der nächster Nummer vum "De Beeforter" beschriwwen. Donieft kommen nach aktuell Fotoe vun de verschidde Schantercher bäi.




*D'Quellefaassung mam Waasserbasseng fir de Grondhaff huet ee Volumen vun zéng Kubikmeter a gouf 1984 erbaut. Uewendriwwer ass eng Solaranlag fir d'Chloréierungsanlag.*




*Dräi Quelle ginn um Cloosbierg ugezaapt an dës Waasser geet virun op den Hondsbierg geleet. An Zukunft leeft d'Waasser iwwert eng Opbereedungsstatioun an dem Hondsbierg op Beefort an den neie Basseng op der Heed.*





*Um Cloosbierg gëtt et och eng Chloréierungsanlag an där hir Batterie gëtt all Woch gewiesselt. Vum Cloosbierg kënnt d'Waasser an de Basseng um Hondsbierg zu Déiljen.*




*All Woch gi Waasserprouwe vu verschiddene Plazen am Waasserréseau zu Déiljen an um Grondhaff geholl. Gemooss gëtt de Reschtchlorgehalt.*




*D'Waasser aus dem Mëllerdall kënnt an de Basseng op der Heed (Foto lenks). De Basseng um Fléibierg (riets) versuergt den ënneschten Deel vum Duerf mat Waasser a reguléiert den Drock an de Leitungen.*

*De Waasserbasseng um Fléibierg gouf 2011 ageweiht an ass de modernste Basseng an der Gemeng. Aus der lénker Leitung kënnt d'Waasser vun der Heed an d'Cuve a riets geet d'Leitung an d'Duerf.*




*Um Cloosbierg entsteet eng modern Waasseropbereedungsanlag fir d'Quelle vum Cloosbierg. Enn des Joer wäert se fäerdeg sinn a wäert fir eng ausgezeechent Waasserqualitéit suergen.*




*Den neie Waasserbasseng op der Heed. Dëse Projet vun iwwer dräi Millиounen Euro gehéiert zum Häerzstéck vum zukënftege Waasserréseau an der Gemeng Beefort, deen och eng interkomunal Aufgab wäert iwwerhuelen.*